Här Claude Wiseler

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Cliärref, den 31. Juli 2026

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Verkéiersminister weiderzeleeden.

Zu de reegelméissegen Duerchsoen am Tram gehéiert och eng Warnung vun der Police virun Täschendéif. Passagéier deelen allerdéngs mat, datt déi entspriechend Tounbandopnam ëmmer nëmmen eesproocheg op Franséisch ofgespillt gëtt. Den Tram gëtt awer besonnesch säit der Verlängerung bis op de Findel och ëmmer méi vun Touriste genotzt, fir déi virun allem Englesch als Ëmgangssprooch wichteg ass.

An deem Zesummenhang géif ech der Madamm Verkéiersminister gär dës Froe stellen:

1) Kann d'Madamm Minister bestätegen, datt dee genannte Message vun der Police just eesproocheg op Franséisch ofgespillt gëtt? Falls jo, wéi begrënnt d'Madamm Minister déi Decisioun, souwuel op eis Nationalsprooch Lëtzebuergesch, wéi op eis administrativ Sprooch Däitsch an op d'Englesch als éischt Verständnissprooch am internationalen Tourismus ze verzichten?
2) Ass d'Madamm Minister der Meenung, datt déi Duerchsoen nieft Englesch och prioritär op eiser Nationalsprooch sollten ofgespillt ginn, fir d'Siichtbarkeet vum Lëtzebuergeschen am ëffentleche Raum ze stäerken? Falls net, firwat net?

Mat déiwem Respekt,

Michel Lemaire
Deputéierten